



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/06/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.

De Chaos Computer Club Lëtzebuerg warnt an engem Pressecommuniqué vum 3te Juni 2020 iwwer Unsécherheeten elektronesch Patientendossier (Dossier de Soins Partagé, kuerz DSP). D'Organisatioun bemängelt virun allem, dass vu Säite vum Gesondheitsministère net kloer ass, wéi d'Donnéeën technesch geséichert sinn.

D'Schafe vun enger zentraliséierter Datebank, wou ganz sensibel a perséinlech Informatiounen iwwer all d'Bierger gespäichert ginn mécht dës Datebank immens wäertvoll an dofir attraktiv fir méiglech Hackerugréff. Hei schreift och de Chaos Computer Club

“Esou een elektronesch Patientendossier ass natierlech ufälleg fir Mëssbrauch. Zentral Datebanke sinn ëmmer eng Gefor fir Privatsphär, wëll et muss nëmmen een technesch Feeler dra sinn, deen et kriminellen erméiglecht un Donnéeën ze kommen, an esou ass Privatsphär vun all Bierger beanträchtegt”

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A menger parlamentarescher Fro n°1391 hat ech mech ëm d'Opt-Out-Prozedur am E-Patientendossier informéiert. D'Regierung huet hei erklärt, dass d'Versécherter ëm hier Rechter informéiert ginn an den Dossier och kënnen zoumaachen.
 - Wat geschitt mat deenen Donnéeën, déi schon am DSP gespäichert goufen?
 - Ginn dës Donnéeën mat der Desaktivéierung automatesch geläscht oder muss den Assuré dat nach eng Kéier extra ufroen?
2. Wat geschitt, wann Donnéeën falsch agedroe goufen? Wéi kënnen d'Versécherter dat préiwen an Ännerungen ufroen?
3. Op eSanté steet geschriwwen:

Die Daten werden in einem « Gesundheitssafe » in Luxemburg gespeichert.
Die Informationen werden gesichert übertragen und verschlüsselt



www.piraten.lu

gespeichert.

Wéi ass dësen "Gesundheitssafe" technesch gesécherert?

4. Existéiert ee Sécherheitsaudit iwwert den DSP? Falls jo, wäert de Ministère dëse verëffentlechen? Falls nee, wär et net opportun, esou een opzestellen, fir Risiken aus dem Wee ze goen?
5. Deelt d'Regierung d'Aschätzung vun de Piraten, dass all IT-System ka geknackt ginn?
6. Wäert d'Regierung Precautiounen huelen, dass den DSP just a Presenz oder nëmme mam explizitten Accord vum Patient (zum Beispill duerch eng Authentifizierung) consultéiert ka ginn?
7. Wäert am Kader vum DSP och de Patient eng synchroniséiert Kopie vu senger gesamten Daten op engem digitale Medium kënnen hunn?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

